# WAT MAACHE BEI ATOMALARM?



LE GOUVERNEMENT
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG

**Versuergt dës Broschür gutt!**

**Informéiert Iech permanent iwwer d'Medien an de Site www.infocrise.lu!**

**Haalt Iech genee un d'Instruktioune vun den Autoritéiten!**

**Bleift roueg!**

**Editeur**

Service information et presse vun der Lëtzebuerger Regierung,
an Zesummenaarbecht mat dem Inneministère,
der Division de la radioprotection vun der Direktioun vun der Santé,
der Administration des services de secours an
dem Haut-Commissariat à la protection nationale

**Iwwersetzer:** Myriam Welschbillig

**Layout:** Comed

ISBN 978-2-87999-251-8

Oktober 2014


# ALEEDUNG

Zu Lëtzebuerg gëtt et keng Nuklearanlagen. Well d'Atomkraaftwierk vu Cattenom awer no bei Lëtzebuerg läit, ass de Schutz vun der Bevëlkerung am Fall vun engem schwéieren Accident an dësem Kraaftwierk fir d'Lëtzebuerger Regierung vu grousser Wichtegkeet.

2014 huet d'Lëtzebuerger Regierung en neien Noutfallplang ugeholl, an deem festgeluecht ass, wéi déi lëtzebuergesch Autoritéiten an deem Fall virginn.

D'Zil vun dëser Broschür ass, d'Alarmprozeduren an d'Schutzmoossnamen, déi am Noutfallplang stinn, virzestellen an d'Bevëlkerung ze informéieren, wéi se sech am Fall vun engem Accident zu Cattenom soll verhalen.

Bei der Gestioun vun esou enger Krisesituatioun ass d'ganz Bevëlkerung gefuerdert. Wann d'Leit mat de Schutzmoossname vun den Autoritéite vertraut sinn a genee wëssen, wat se solle maachen a wéi se sech solle verhalen, kann esou eng Kris besser bewältegt ginn. D'Zil vun dëser Broschür an dem **www.infocrise.lu**, den offizielle Site vun der Regierung fir Krisekommunikatioun, ass, d'Bevëlkerung ze informéieren, ze sensibiliséieren a se op esou e Fall virzebereeden.





Mir bieden Iech, dës Broschür ze liesen a gutt ze versuergen. Weider Informatioune fannt Dir um Site **www.infocrise.lu**.

# WAT ASS RADIOAKTIVITÉIT?

Radioaktivitéit ass en natierleche Phänomen an eiser Ëmwelt. Et gi verschidde Substanzen, vun deenen ioniséierend Stralen ausginn; dës Substanze ginn als radioaktiv bezeechent. Radon ass d'Haaptquell vun der natierlecher Stralebelaaschtung. Et handelt sech heibäi ëm en natierleche radioaktive Gas, deen aus dem Buedem kënnt.

Zwee Drëttel vun der Stralebelaaschtung, där d'Bevëlkerung ausgesat ass, hunn en natierlechen Ursprong. Een Drëttel vun der Stralebelaaschtung huet e kënschtlechen Ursprong a staamt virun allem aus dem medezineschen an industrielle Beräich.




a) Kosmesch Stralung
b) Stralung aus dem Buedem a vun de Gebaier (Konstruktiounsmaterialien)
c) Stralung vum mënschleche Kierper
d) Radon (Gas aus dem Buedem, deen duerch bestëmmte Konstruktiounsmaterialien an d'Wunnhaiser ka gelaangen)
e) Medezinesch Tester a Behandlungen
f) Industrie an aner Quellen

## Wat ka bei engem schwéieren Accident an engem Atomkraaftwierk geschéien?

An engem Atomkraaftwierk si verschidden Szenarie méiglech, woubäi den zäitlechen Oflaf an d'Stralegefor variéieren.

An engem Atomreakter gëtt duerch eng Rei Barrièren an ënnerschiddlech Sécherheetssystemer duerfir gesuergt, datt déi radioaktiv Substanzen am Reakter bleiwen. Wann dës Barrièren a Sécherheetssystemer mateneen ausfalen, kann et zu engem schwéieren Accident kommen, bei deem radioaktiv Substanzen austrieden a sech mam Wand an der Ëmwelt verbreeden.

Wa radioaktiv Substanzen fräigesat ginn, gëtt d'Loft als éischt kontaminéiert. Et bilt sech eng radioaktiv Wollek. D'Ausmooss vun de Konsequenze vun engem nuklearen Accident hänkt virun allem vun der Quantitéit u Radioaktivitéit of, déi fräigesat gouf, an och vun de Wiederkonditiounen (z. B. Richtung a Vitess vum Wand). Déi fräigesate Radioaktivitéit ka sech op zwou Manéieren um Buedem oflageren: duerch dréchen Oflagerung an duerch naass Oflagerung, d. h. Reen. Déi radioaktiv Oflagerung ass bei Reen méi héich.

**Radioaktivitéit huet**

**KENG FAARF, ET KANN EE SE WEDER RICHEN NACH GESINN.**

**Se kann awer mat Moossinstrumenter festgestallt ginn.**

## Wat geschitt, wa sech radioaktiv Substanze verbreeden?

Wa sech radioaktiv Substanze verbreeden, si Mënsch an Déier zwou Zorte vu Stralebelaaschtung ausgesat:

a) enger externer Bestralung:
- duerch d'radioaktiv Wollek, déi laanschtzitt;
- duerch d'radioaktiv Substanzen, déi sech um Buedem oder op der Haut oflageren;

b) enger interner Bestralung:
- duerch d'Anootme vu kontaminéierter Loft;
- duerch d'Konsuméiere vu kontaminéierte Liewensmëttel.




WOSST DIR, DATT ...

... d'Auswierkunge vun der Stralung méi kleng ginn, wat ee méi wäit vun der Stralequell ewech ass, sech besser géint d'Stralen ofschiermt (Schutz an engem Gebai sicht) a sech der Stralung, de Fall gesat, manner laang aussetzt?

## Wéi wierkt Radioaktivitéit?

Eise Kierper ass all Dag enger onsichtbarer radioaktiver Stralung ausgesat, déi vun der Äerd an dem Weltall ausgeet. Heibäi handelt et sech ëm eng am Allgemengen ongeféierlech Stralung, well d'Dosis kleng ass.

Eng méi héich Dosis, besonnesch am Fall vun engem nuklearen Accident, kann d'Zellen am mënschleche Kierper veränneren an zerstéieren. Wa vill Zelle betraff sinn, gëtt dat zu enger Gefor fir d'Gesondheet.


D'Auswierkunge vu Stralung:

- Bei ganz héijer Stralebelaaschtung sinn d'Auswierkunge spéitstens e puer Deeg duerno ze erkennen. Et kënnt zu schwéiere bis onheelbare kierperleche Schied.
- Bei méi schwaacher Stralebelaaschtung kënnen d'Auswierkunge sech Jore méi spéit manifestéieren. Eng schwaach Stralebelaaschtung ka sech op d'Heefegkeet vu Kriibserkrankungen auswierken an zu ugebuerene Mëssbildunge féieren.

D'Schutzmoossnamen am Noutfall – Schutz an engem Gebai sichen, Kaliumiodid-Pëllen huelen, evakuéiert ginn, verschidde Liewensmëttel vermeiden – sollen d'Auswierkunge vun der Stralung reduzéieren.

Op Grond vun der Distanz zum Atomkraaftwierk vu Cattenom ass eng héich Stralebelaaschtung zu Lëtzebuerg éischter onwahrscheinlech.

D'KONSEQUENZE VUN DER BESTRALUNG VUN ENGER ZELL



# D'SCHUTZMOOSSNAMEN,

## DÉI D'AUTORITÉITE VIRGESINN

Bei engem schwéieren nuklearen Accident geet et an der Haaptsaach doréms, d'Bevëlkerung virun der Stralebelaaschtung resp. Kontaminéierung duerch fräigesate Radioaktivitéit ze schützen.

Zu dësem Zweck gesäit den Noutfallplang vun der Regierung als 4 haaptsächlech Präventiouns- a Schutzmoossname vir:

- Schutz an engem Gebai sichen;
- Kaliumiodid-Pëllen huelen;
- evakuéiert ginn;
- verschidde Liewensmëttel vermeiden.

Wéi eng Moossnamen ëmgesat ginn, hänkt dovun of, wéi schwéier d'Accident ass. Alles, wat vu Moossnamen decidéiert gëtt, gëtt der Bevëlkerung iwwer d'Medien an de Site **www.infocrise.lu** matgedeelt.

### Schutz an engem Gebai sichen

Dës Moossnam gesäit vir, datt ee sech temporär am noosten Haus oder Gebai a Sécherheet bréngt. D'Dieren an d'Fënstere sollen zougemaach, d'Rollueden erofgelooss, Heizungs-, Klima- a Beléftungsanlagen wéi och Loftreegler ausgemaach ginn. Wien eng Installatioun huet, fir Reewaasser opzefänken, soll den Zoulaf spären. Dës Virkéierunge solle verhënneren, datt fräigesate Radioaktivitéit an d'Gebai dréngt.

Dës Moossnam bitt en zimlech gudde Schutz fir de Fall, datt radioaktiv Substanze fräigesat goufen. En zolidd, zouent Haus schiermt Iech duerch seng Maueren an den Daach géint d'Strale vu baussen of.

Ufank an Enn vun dëser Schutzmoossnam souwéi déi betraffen Zone ginn Iech iwwer d'Medien an de Site **www.infocrise.lu** matgedeelt.



De Schutz ass an engem zolitten, zouenen Haus oder Gebai bis zu 10 Mol méi héich wéi dobaussen, wou ee guer kee Schutz huet.

## WOSST DIR, DATT …

… jee no Gebailechkeet d'Stralendosis am Gebai wesentlech méi niddreg ass wéi baussent dem Gebai? Am beschten soll ee sech an den ënneschte Stäck vum Gebai (Rez-de-chaussée, Keller) ophalen. Raim mat guer kengen oder ganz klenge Fënstere si virzezéien.

Gezei bitt keen efficacë Schutz géint Stralung.

Autoen, Bussen oder Camione bidden och net genuch Schutz.

Et ass besser, an engem Haus ze bleiwen a spéider evakuéiert ze ginn, wéi dobaussen der Stralung ausgesat ze sinn, wann eng radioaktiv Wollek laanschtzitt.

## Kaliumiodid-Pëllen huelen

Falls Dir Iech dobaussen ophaalt, wann eng radioaktiv Wollek laanschtzitt, dann otemt Dir radioaktive Jod an oder schléckt es of. Dëse Jod lagert sech an der Schilddrüs of. Kaliumiodid-Pëlle verhënneren, datt d'Schilddrüs de radioaktive Jod ophëlt. D'Stralendosis gëtt doduerch staark ageschränkt.

Aus dësem Grond gi Kaliumiodid-Pëllen präventiv un d'Awunner vu Lëtzebuerg verdeelt. Schoulen a Betreiungsstrukture fir Kanner hu fir den Noutfall Pëllen op Reserv. D'Eltere vun all Neigebuerenem kréie pro Kand e Pak Kaliumiodid-Pëllen an der Maternité. Ausserdeem hunn d'Gemengen eng Reserv u Pëllen, déi duergeet, fir am Fall vun engem nuklearen Accident der kënnen zousätzlech ze verdeelen.

D'Betriber hunn d'Méiglechkeet, eng Pëllereserv iwwer de Site **www.infocrise.lu** ze bestellen.

Liest de Packungsziedel vun de Pëllen opmierksam duerch. En informéiert iwwer d'Doséierung, déi bei Puppelcher, Kanner an Erwuessener ënnerschiddlech ass. Well bei Leit iwwer 45 Joer keen Notze méi nogewisen ass, gëtt hinnen dovun ofgeroden, Kaliumiodid-Pëllen ze huelen.

D'Anhuele vu Kaliumiodid-Pëlle ka bei muenche Leit Niewewierkunge mat sech bréngen. Persounen, déi hypersensibel op Jod sinn oder Problemer mat der Schilddrüs hunn, si gebieden, mat hirem Dokter ze schwätzen.

Den Zäitpunkt, wou Dir d'Pëllen huelt, spillt eng wichteg Roll, well si just 24 Stonne wierken. D'Pëllen däerfen nëmmen da geholl ginn, wann d'Autoritéiten dozou opfuerderen. Dës Opfuerderung geschitt iwwer d'Medien an de Site **www.infocrise.lu**.

## Evakuéierung vun der Bevëlkerung

Jee no radiologesche Bedingunge kënnen d’Autoritéite präventiv eng zäitlech begrenzten Evakuéierung vu bestëmmten Uertschaften ordonnéieren. D’Moossnamen, déi ze huele sinn, ginn der Bevëlkerung iwwer d’Gemengen, d’Medien an de Site **www.infocrise.lu** matgedeelt.

### Wat maachen am Fall vun enger Evakuéierung?



Paakt fir all Member vun der Famill Ersatzgezei a -schung, Toiletten-artikelen an onbedéngt néideg Medikamenter an, am beschten an eng Plastikstut, déi Der gutt zoumaacht.



Huelt Är Carte d’identité oder de Pass wéi och Suen oder eng Bankkaart mat.



Späert d’Dieren zou, déi no bausse féieren.

Huelt wa méiglech Ären eegenen Auto:

- Maacht d’Fënstere vum Auto zou, d’Klima- an d’Lëftungsanlag aus.
- Lauschtert ee vun den nationale Radiosenderen.
- Fuert déi Strecken, déi d’Autoritéiten uginn.

Déi Leit, déi keen Ënnerdaach baussent den evakuéierten Zone fannen, ginn temporär an Opfangstrukturen ënnerbruecht, déi vun den Autoritéiten op verschiddene Plazen am Land ageriicht ginn.

Wann Dir Är Uertschaft net ouni friem Hëllef kënnt verloossen:

- Wann den ëffentlechen Transport nach fonctionnéiert, kënnt Der dovu Gebrauch maachen.
- Et ginn och extra Bussen an Zich agesat. D'Autoritéite bestëmmen d'Sammelplazen, vu wou aus eng Evakuéierung organiséiert gëtt.

Wann Dir Är Wunneng net ouni friem Hëllef kënnt verloossen:

- Krank, behënnert oder immobil Leit ruffe bei der Gemeng un, fir evakuéiert ze ginn.
- D'Evakuéierung vun de Schoulen an de Betreiungsstrukture fir Kanner, de Spideeler, den Ateliere fir Behënnerter, den Altersheemer an ähnleche Strukture gëtt vun den Autoritéiten organiséiert.

## Verschidde Liewensmëttel vermeiden

Déi radioaktiv Wollek kontaminéiert d'Atmosphär an alles, wat mat déser Loft a Beréierung kënnt. Wann d'Wollek laanscht ass, kënnen d'Autoritéite verbidden, datt Béischte geschluecht ginn an d'Recolte vu Gaart a Feld erageholl gëtt. Si kënnen de Baueren och recommandéieren, d'Béischten am Stall ze loossen.

Den Handel mat Fleesch, Fësch, Geméis a Mëllechprodukter gëtt streng kontrolléiert. Et ass méiglech, datt de Konsum vu bestëmmte Liewensmëttel verbuede gëtt. D'Autoritéite kënnen eventuell recommandéieren, ausschliisslech Konserven, gedréchent Liewensmëttel, déifgekillt Produkter oder frësch Waren aus Regiounen, déi net vum Accident betraff sinn, ze iessen.


D'Krunnewaasser kann am Prinzip weider benotzt ginn.

Déi verschidde Verbueter am Liewensmëttelberäich ginn der Bevëlkerung, de Fall gesat, iwwer d'Medien an de Site **www.infocrise.lu** matgedeelt.

# VERHALE
## BEI ENGEM SCHWÉIEREN NUKLEAREN ACCIDENT

D'Lëtzebuerger Bevëlkerung gëtt iwwer dat nationaalt Netz vu Sirenen am Land alertéiert. Den Alarm, deen d'Rettungsdéngschter an de Gemengen ausléisen, huet e ganz spezifeschen Toun. Fir eng Verwiesslung mam „Feieralarm" (en dauerhaften Toun vun 3 Minutten) ze vermeiden, gëtt et bei engem nuklearen Noutfall dräi verschidde Signaler: de Viralarm, den nuklearen Alarm an d'Entwarnung.

**DÉI VERSCHIDDE PHASE VUN ENGEM ACCIDENT**




## WOSST DIR, DATT ...

... bei engem Accident am Atomkraaftwierk zu Cattenom de Bedreiwer vum Kraaftwierk d'Lëtzebuerger Autoritéiten iwwer den Telefonsreseau SELCA (Système d'échange et de liaison entre Cattenom et les autorités – Austausch- a Verbindungssystem tëschent Cattenom an den Autoritéiten) informéiert? Soubal d'Lëtzebuerger Zentral vum 112 iwwer en nukleart Accident informéiert gëtt, alarméiert se de Bereetschaftsdéngscht vun den zoustännegen Autoritéiten, deen déi disponibel Informatiounen direkt auswäert.

Jee no den Informatiounen, déi vun engem Responsable vum Atomkraaftwierk, de franséischen Autoritéiten oder dem Lëtzebuerger Reseau fir d'Iwwerwaachung vun der Radioaktivitéit matgedeelt ginn, gëtt den Noutfallplang fir nuklear Accidenter ausgeléist.

# DÉI 3 ALARMSIGNALER

**Jee no Situatioun (Richtung a Vitess vum Wand, Quantitéit vun der fräigesatener Radioaktivitéit ...), ginn déi dräi Signaler pro Regioun, Gemeng oder Uertschaft ausgeléist. Den Alarm gëtt net automatesch am ganze Land ausgeléist, ma just an deenen Zonen, fir déi eventuell eng Gefor besteet.**

1




## Viralarm

D'Signal gëtt d'éischt méi haart, da méi lues an dauert 1 Minutt


2




## Nuklearen Alarm

D'Signal gëtt d'éischt méi haart, da méi lues a gëtt zweemol während 12 Sekonnen ënnerbrach

3




## Entwarnung

Dauertoun vun enger Minutt


# PHAS VU MÉIGLECHER GEFOR:
# FRÄISETZUNG MÉIGLECH, MA NET AKUT

Besteet d'Méiglechkeet, datt de Lëtzebuerger Territoire vun enger radioaktiver Fräisetzung betraff gëtt, ouni datt déi akut bevirsteet, gëtt de Viralarm ausgeléist. An dëser Phas vu méiglecher Gefor gëtt den Noutfallplang fir nuklear Accidenter ausgeléist. D'Autoritéite suivéieren d'Situatioun opmierksam, fir direkt kënnen ze handelen, wann dat fir néideg gehale gëtt.

Fir Iech während dëser Phas am beschten ze schützen, sollt Dir dës einfach, ma efficace Virkéierungen treffen:



**Informéiert Iech** iwwer d'Medien an de Site **www.infocrise.lu**, wéi eng Schutzmoossnamen d'Autoritéiten Iech roden.



**Wann Der Kanner** an der Crèche, der Maison relais oder soss enger Betreiungsstruktur **hutt**, gitt se sichen.



**Leet Är Kaliumiodid-Pëlle prett!** Kuckt no, ob Der genuch Pëllen hutt fir jiddwereen an Ärem Stot. Opgepasst: Huelt d'Pëllen **nëmmen dann**, wann d'Autoritéiten dozou opfuerderen. Dës Opfuerderung geschitt iwwer d'Medien an de Site **www.infocrise.lu**. Wann Der Är Pëlle verluer hutt, mellt Iech bei Ärer Gemeng.



**Deckt Äre Geméisgaart** mat enger Plastiksbaatsch zou.



**Evitéiert onnéideg Deplacementer!** D'Autoritéite kënnen zu all Moment decidéieren, datt d'Bevëlkerung vu bestëmmte Regioune Schutz an Haiser a Gebaier soll sichen.

**Besonnesch Virschrëfte fir d'Baueren**


- Huelt d'Béischten an zoue Ställ a reduzéiert souwäit et geet déi natierlech a kënschtlech Beléftung vun dëse Raim.
- Leet e Stock vu Fäerdegfudder fir d'Béischten an engem zouene Raum prett.
- Deckt Silosfudder, dat am Fräie gelagert ass, mat enger Plastiksbaatsch zou.
- Maacht d'Zären zou.

Bei engem Viralarm während de Schoulstonne suergen déi Responsabel vun der Schoul dofir, datt d'Kanner mam Schoulbus an dem ëffentlechen Transport heem-bruecht ginn. Soulaang d'Kanner an der Schoul sinn, ass d'Léierpersonal fir si verantwortlech.

WOSST DIR, DATT ...

... et bei engem schwéieren Accident an engem Atomkraaftwierk dacks net direkt zu enger Fräisetzung vu Radioaktivitéit kënnt? De gréissten Deel vun de radioaktive Substanze bleift d'éischt emol bannent dem Reaktergebai. Gëtt den Drock am Gebai ze héich, kënnt et zu enger massiver Fräisetzung vu radioaktive Substanzen an d'Ëmwelt. Tëscht dem Accident an der Fräisetzung kënnen, jee no Oflaf vum Accident, Stonnen oder Deeg vergoen. Dës Zäitspan gëtt vun den Autoritéite genotzt, fir déi néideg Schutzmoossnamen durchzeféieren.

# PHAS VU RADIOAKTIVER FRÄISETZUNG:
# GEFOR VUN ENGER RADIOAKTIVER WOLLEK



Wann eng radioaktiv Kontaminatioun op Lëtzebuerger Territoire bevirsteet, gëtt den nuklearen Alarm ausgeléist. Während der Phas vu radioaktiver Fräisetzung bilt sech eng radioaktiv Wollek an der Ëmgéigend vum Atomkraaftwierk.

An dëser Situatioun ass et wichteg, **roueg ze bleiwen**.


Dir sidd optimal géint d'Gefore vun der Stralung geschützt, wann Der a Rou dës einfach, ma efficace Virkéierungen trefft:




**Informéiert Iech** iwwer d'Medien an de Site **www.infocrise.lu**, wéi eng Schutzmoossnamen d'Autoritéiten Iech roden.



**Sicht Schutz an engem Gebai!** Wann Dir Iech bei engem Alarm dobaussen ophaalt, gitt op schnellstem Wee an en zouent, zolidd Gebai, och wann Der net do wunnt. D'Decisioun vun den Autoritéiten, datt ee soll ënnerdaach bleiwen, gëtt iwwer d'Medien an de Site **www.infocrise.lu** matgedeelt.



**Maacht d'Dieren, d'Fënsteren an d'Rolllueden zou.**



**Maacht d'Heizungs-, d'Klima- a Beléftungsanlagen an och d'Loftreegler** vun deem Gebai, an deem Dir sidd, aus. Späert den Zoulaf vun Installatiounen, déi Reewaasser opfänken.



**Falls Är Kanner an der Schoul, der Maison relais, der Crèche oder anere Betreiungsstrukture sinn,** wann en nuklearen Alarm ausgeléist gëtt an eng radioaktiv Fräisetzung bevirsteet, këmmert sech d'Personal vun dëse Strukture während der Dauer vun der Alerte ëm si. Dës Strukturen hu genuch Kaliumiodid-Pëllen op Stock.




**Leet Är Kaliumiodid-Pëlle prett!** Kuckt no, ob Der genuch Pëllen hutt fir jiddwereen an Ärem Stot. Opgepasst: Huelt d'Pëllen **nëmmen dann**, wann d'Autoritéiten dozou opfuerderen. Dës Opfuerderung geschitt iwwer d'Medien an de Site **www.infocrise.lu**. Wann Der Är Pëlle verluer hutt, mellt Iech bei Ärer Gemeng.



**Passt op, wat Der iesst!** Dir kënnt all déi Liewensmëttel iessen, déi an deem Haus oder Gebai, wou Dir sidd, gelagert sinn. Uebst a Geméis, wat frësch vun dobaussen erageholl ginn ass, däerf awer op kee Fall giess ginn.

Krunnewaasser kann am Prinzip weider benotzt ginn.



**Reduzéiert Är Telefonsverbindungen an SMSen!** Bei engem nuklearen Alarm dierfen d'Leitungen net iwwerlaascht sinn, fir datt d'Rettungsdéngschter Leit an enger akuter Noutsituatioun kënnen erreechen.

## WOSST DIR, DATT …

… d'Leit vun de Rettungsdéngschter an de kontaminéierten Zone speziell Schutzkleedung mussen droen? Sou gëtt verhënnert, datt si kontaminéiert ginn, wann eng radioaktiv Wollek laanschtzitt.

### Wat maachen, wann Der bei enger radioaktiver Fräisetzung dobausse waart?

Et gëtt dréngend dovun ofgeroden, sech während enger radioaktiver Fräisetzung dobaussen opzehalen.

Wann dat awer net ze vermeide war, dann haalt Iech un déi hei Moossnamen, fir maximal geschützt ze sinn:

- Ditt Schung a Gezei, dat Dir dobaussen unhat, aus, ier Dir an e Gebai eragitt. Maacht alles an eng Plastikstut, fir datt Dir domat näischt kontaminéiert.
- Duscht Iech! Wäscht direkt Är Haut iwwerall do, wou se der Stralung ausgesat war. Dat gëllt ganz besonnesch fir d'Hoer. Dës Moossnam ass ganz efficace. Well sech déi fräigesate radioaktiv Substanzen op der Haut an an den Hoer oflageren, kënne si ouni Weideres mat Waasser ewechgespullt ginn. Wann Der Iech de Kapp wäscht, schützt Äert Gesiicht esougutt wéi méiglech géint kontaminéiert Waasser.
- Hausdéieren, déi während der radioaktiver Fräisetzung dobausse waren, mussen och ofgeduscht ginn. Passt op, datt Dir Iech dobäi net selwer kontaminéiert. Duscht Iech noutfalls nach eng Kéier.

## ENTWARNUNG: KENG VERBREEDUNG MÉI VU RADIOAKTIVE SUBSTANZEN

D'Entwarnung gëtt matgedeelt, wa keng radioaktiv Substanze méi duerch d'radioaktiv Wollek fräigesat ginn.